

FIR „COVIDCHECK“ AM SECONDAIRE !

Mam Aféiere vum sougenannten *CovidCheck* – bei deem eng Persoun noweist, dass si entweder vollstänneg geimpft ass, eng COVID-19-Infektioun duerchgemach huet, oder rezent negativ getest gouf – sinn erëm méi Fräiheeten a méi Normalitéit an dat soziaalt Liewen hei zu Lëtzebuerg zrëckkomm. Sou gouf beispillsweis scho virun der Sommervakanz a verschiddene Lycéeën d'Diplomiwwerreechung fir d'Primanerinnen a Primaner, zesumme mat hiren Elteren an hiren Enseignanten, a Presenz vum Educatiounsminister, ouni Ofstand an ouni Mask gefeiert, dat mat bis zu 300 Leit an engem Sall.

Wann et méiglech ass, am Restaurant, an der Disco, op enger Hochzäit oder engem Concert ouni Mask an ouni Ofstand zesummen ze sinn, da muss dat och fir de Kllassesall gëllen! D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert dofir, dass de Prinzip vum *CovidCheck* och an de Lycéeën applizéiert gëtt, an zwar fir all Member vun der Schoulcommunitéit.

All Persoun, déi eng vun deenen 3 Konditiounen aus dem *CovidCheck* erfëllt, soll sech zumindest am Kllassesall ouni Mask däerfe beweegen! Dëst géif eng grouss Erliichterung souwuel fir d'Schüler wéi och fir d'Enseignanten bedeuten.

Aner sanitär Measure wéi reegelméisseg d'Hänn wäschen an desinfizéieren oder de Kllassesall léften solle selbstverständlech och weiderhi bestoe bleiwen. Fir déi vun Aerosolen ausgoend lwwerdroungsgefor vum Virus weider ze reduzéieren, fuerdere mir donieft och, dass endlech mobil Loftfilteranlagen an de Kllassesäll an den Asaz kommen!

Wann eng Persoun, déi entweder vollstänneg geimpft ass, oder noweislech eng COVID-19-Infektioun duerchgemaach huet, hiert Averstännis gëtt, dës Informatiounen ze späicheren, da soll si de **CovidCheck nëmmen eng eenzeg Kéier** mussen duerchféieren, also **net** all Dag beim Betriede vum Schoulgebai op en Neies.

Een net geimpfte Member vun der Schoulcommunitéit, respektiv eng Persoun, déi nach net mam Virus infizéiert war, misst dogéint all 48 Stonnen – also am Prinzip 3 mol an der Woch – ënner Opsicht e Schnelltest an der Schoul maachen, oder een zertifizierten Antigen- oder PCR-Test (72 Stonne gülteg) ausserhalb vun der Schoul organiséieren.

Well Persounen an der Alterskategorie vun 12 bis 17 Joer eréischt däitlech méi spët d'Méiglechkeet kruten, fir sech impfen ze loossen, läit den Taux u vollstänneg geimpfte Jugendlechen tëscht 12 a 17 Joer aktuell „eréischt“ bei ronn 50 %, während dësen **Taux bei den Enseignanten scho bei bal 90 %** läit. Fir och ënnert de Jugendlechen d'Unzuel u Geimpften esou séier wéi méiglech z'erhéijen, fuerdert d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP d'**Präsenz vun engem „Impfbus“**, dee mindestens ee mol pro Woch bei all Lycée soll kommen an de Schülerinnen a Schüler d'Méiglechkeet soll ginn, an Ofsprooch mat hiren Elteren, sech ganz onkomplizéiert impfen ze loossen. Selbstverständlech soll och all anere Member aus der Schoulcommunitéit vun dëser fräiwëlleger Offer kënne profitéieren.

D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP ass der Iwwerzeegung, dass de **CovidCheck** déi einfachsten a wierksamste Léisung ass, fir am Enseignement secondaire, an der Erwuessenebildung an um IFEN zur gréisstméiglecher Normalitéit zréckzefannen, dat bei gläichzäiteg beschtméiglechem Schutz vun der gesamter Schoulcommunitéit am Präsenzunterricht.

Lëtzebuerg, den 29. August 2021

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP